

International Theatre Institute ITI

World Organization for the Performing Arts



Message fir den internationalen Dag vum Danz 2026 – 29 April

Auteur vum Message: **Crystal PITE, Canada**

Choreograf

Luxembourgish (Translation)

International Dance Day Message 2026 by Crystal PITE, Canada

Mënsche beweege sech – eis Äerm strecke sech aus, eis Knéie ginn no, eis Käpp ginn no vir an no hannen, eis Broscht fält an, eis Récker béie sech no uewen, mir sprangen, mir zéien d'Schëlleren erop, mir maachen eng Fauscht, mir hiewen eis géigesäiteg op a stoussen eis vunenee fort. Dat ass Sprooch genee esou wéi et Handlung ass. Dat ass et, wat de Kierper iwver Bedierfnes, Néierlag, Mutt, Verzweiwung, Verlaangen, Freed, Ambivalenz, Frustratioun a Léift ze soen huet. Dës Biller erschéngen am Geescht mat Bedeitung, well mir dës Saachen esou reng am Kierper gefillt hunn – si hunn eis beweegt.

Mir sinn Dänzer, all zesummen. D'Liewe beweegt eis; d'Liewen danzt eis. Vergänglech wéi den Otem, sou haart wéi d'Schanken – en Danz gëtt aus eis alleguer gemaach. Mir schafen de Raum. Mir schreiw mat eisem Kierper an enger Sprooch déi déif verstane gëtt och ouni Wierder. Mir ginn ons an dem Raum ronderëm eis déi néideg Liichtegkeet, wa mir danzen.

Wéi d'Liewe selwer, erschaaft an zerstéiert en Danz sech an all Moment selwer. Genee wéi d'Léift entzitt sech den Danz vun all Vernonft.

Ech denke gären un de Kierper als eng Plaz, eng Plaz wou d'Existenz gehale gëtt a Form kritt. Wa mir danzen, da si mir domat beschäftegt am Moment ze liewen an aktiv present ze sinn!

Ech schreiw den Zeilen Ufank 2026, an enger Zäit, wou et schéngt, wéi wann et keen Enn gëtt fir Ënnerdréckung, Onrouen a Leed an eiser Welt. All Dag, wa mir d'Grausamkeeten an den Horror gesinn, dee Mënschen op aner Mënschen ausüben an d'Maschinerie vun der Muecht, déi déi schlëmmste Forme vu Gewalt géint Mënschen an de Planéit finanzéiert a virundreift, fillt sech den Danz u wéi eng iwverflächlech a sënnslos Äntwert. Et ass schwéier sech virzustellen, wat eng Dänzerin oder en Dänzer an enger Welt maache kann, déi esou dréngend eng Hellewull u radikale Changementer an Heelung brauch.

An awer – Konscht ass, wéi d'Hoffnung, eng Form vu Léift. Trotz all der Zerstéierung bleift si schafend; si ass e Léismëttel fir e Geescht, dee sech zougemaach huet, an e Balsam, deen en heelt. Konscht ass wéi e Gefääss, dat eis hält, während mir eis – zesummen – mat de Froen auseruesetzen, op eng Aart a Weis, déi anescht ass, wéi déi vun den Noriichten, vun Dokumentatioun a Bildung, vu Meenung a soziale Medien, vun Aktivismus a Protest, an awer net am Widdersproch mat hinne steet.

Duerch d'Kreativitéit sammele mir Widderstand an Hoffnung duerch kleng Akte vu Courage, Virwëtz, Frëndlechkeet an Zesummenaarbecht. Am Danz, an am Danz-Schafe fanne mir de Beweis, datt d'Mënschheet méi ass wéi eist momentaant globaalt Versoen.

Danz brauch keng Justifikatioun, keng Erklärung. Den Danz gëtt vun eise selwer gemaach, an dach schëllegt en eis guer näischt. E brauch just e Kierper, dee prett ass a vun do aus kann en dat Onbeschreiflecht iwwersetzen; als Vermëttler tëscht eis an deem Onbekannte wierken.

Mir gi beweegt vun de flüchtege Spuere vu Schéinheet am haitege Moment. A wa mir souwuel den Danz, wéi och säi Verschwanne verkierperen, da gi mir nees un eis Vergänglechkeet erënnert. Ma gläichzäiteg kann den Danz, wa mir gutt oppassen, eis och heiansdo en déiwen Abléck an d'Séil ginn.

Iwwersat vum Sascha Dahm (President vun der THEATER FEDERATIOUN – ITI Center Luxembourg)

Translation by Sascha Dahm (President of the THEATER FEDERATIOUN – ITI Center Luxembourg)